**Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft Dan Kersch an vun der Madame Gesondheetsministesch Paulette Lenert op d'parlamentaresch Fro n°4901 vum honorablen Deputéierten Jeff Engelen**

**Ad. 1**

Den Accord interprofessionnel vum 20. Oktober 2020 iwwert Reglementéierung vun der Heemaarbecht gesait weder eng Obligatioun nach e Recht op Heemaarbecht fir d'Salariéen vir.

Deemno kann de Salarié och net vu sengem Patron gezwonge gin Heemaarbecht ze maachen.

**Ad. 2**

D'Regierung deelt d'Positioun no där den Employeur keng Assicht a déi medezinesch Dokumenter vum Salarié froen däerf.

Den Employeur esou wéi de Salarié mussen alles maachen fir d'Sécherheet an d'Gesondheet vun de Mataarbechter an de Client'en ze schützen.

**Ad. 3**

Wien an e Restaurant, Café oder op e Concert goen wëll, muss sech natierlech un d'Reegelen haalen déi de Gérant vum Restaurant, Café oder den Organisateur vum Concert opstellt. Dëst gëllt natierlech och fir d'Reegelen déi d'Entrée an e Café, Restaurant, Concert, Futtballspill etc. betreffen.

Am Kader vum Covidcheck Regime sin just d'données accessibles déi strikt noutwenneg sin fir d'Vaccinatioun bzw den Retablissement vum Titulaire vum Certificat oder daat negativt Resultat vum Covidtest ze confirméieren.

**Ad. 4**

All Betrib muss sech u bestehend an geltend Gesetzer haalen. D'Mesuren déi net a Konformitéit vun de Gesetzer geholl gin respektiv déi d'Rechter vun de Salariéen aschränken oder verletzen, sin illégal a kënnen/wäerten och Sanktiounen fir déi Betriber mat sech bréngen.

**Ad. 5**

Am Fall wou d'Aarbechtsrecht net respektéiert gëtt, kann an wäert d'ITM intervenéieren. De Salarié huet och d'Méiglechkeet all Abus un seng Personaldélégatioun oder seng Gewerkschaft matzedeelen.